

Edition 2017

Wëllkomm zu der sechster Edition vum der LEARN-Newsletter.

LEARN ass d'Ofkierzung fir 'Learning Expertise and Research Network', dëst heescht esou vill wéi 'Léierexpertise a Fuerschungsnetzwerk'. Wéi eisen Numm et ausdréckt, si mir e Grupp vu Wëssenschaftler a Praktiker, déi sech fir Léierprozesser a Léierschwieregkeeten interesséieren. Dobäi kucke mir op d'Léieren aus enger bestëmmter Perspektiv, nämlech aus der Perspektiv vun de Kognitiounswëssenschaften. D'Léieren duerch de Brëll vun de Kognitiounswëssenschaften ze kucken bedeit, dass ee probéiert ze verstoen, wat fir eng fundamental Léierprozesser an eisem Gehir oflafen a wéi dës zesummespillen, fir schliisslech déi komplex Fäegkeeten ervirzebréngen, déi mir an der Schoul an am deegleche Liewe benotzen. Dofir interesséiere mir eis net nëmme fir d'Liesen, d'Schreiwen an d'Rechnen, mee och zum Beispill fir Exekutivfunktioenen, Aarbechtsgediechtnis, phonologesch Bewusstheet oder fundamental numeresch Virstellungen.

An dëser Newsletter dréint sech alles ëm **Méisproochegkeet**. Well un der Universitéit Lëtzebuerg vu ville verschiddene Perspektiven aus doriwwer gefuerscht gëtt, hu mir dës Kéier Fuerscher aus anere Beräicher invitéiert, fir matzeschreiwen. Sou hu mir dës Kéier niicht Artikelen aus der Perspektiv vun de Kognitiounswëssenschaften och Bäitrag zur Méisproochegkeet aus de Beräicher Linguistik, Soziolinguistik, Pädagogik an Ethnographie. ■



Iwwersiicht

S.02 Firwat brauche mir Fuerschung iwwer Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?

S.03 „Eins, zwei, drei, Polizei“: vu Sprooch, Sproochen a Rechnen

S.04 Méisproocheg Kanner hu weder e Vir- nach en Nodeel beim Rechnen: Resultater aus Däitschland a Lëtzebuerg

S.05 E kognitive Virdeel fir méisproocheg Kanner?

Wéi een Afloss huet d'Sprooch op d'Zieleléieren?

S.06 Sproochevillfalt bei Kanner mat Migratiounshannergrond - Chance oder Hindernis?

S.07 Éischt Sprooch als Ressource stärken

S.08 Opbauen op méisproocheg Ressourcë beim Sproocheléieren

S.10 Liesen ass net gläich Liesverstoën

S.11 Bilt déi geschriwwen Sprooch déi geschwate Sprooch of?

S.12 Eis Kommunikatioun hängt vun der jeeweileger Situatioun of. Firwat ass dat esou?

Sproochen am Secondaire: Wéi gutt beherrsche Schülerinnen a Schüler Däitsch a Franséisch?

S.13 Den Europäesche Referenzkader fir Sproochen (CECR): méi wéi e Patchwork?

S.15 Firwat soll ee mat alle Sënner léieren an dobäi méi wéi eng Sprooch benotzen?

S.16 Wéi kann ee multimodaalt a multilinguaalt Léiere bei der Kreatioun vun digitale Geschichten asetzen?

Efficaciteit vu bilinguale Programmer an Europa

S.17 Danze mat Sprooch a Kultur a gemëschte Bezéiungen

Eischt Schrëtt am Enseignantsberuff: wann d'Sprooch sech améisch...

S.18 Stëmmen aus der Schoulpraxis: Méisproochegkeet am Précoce

Firwat brauche mir Fuerschung iwwer Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?

Fuerschung iwwer méisproochegt Léieren: eng virrangeg Aufgab fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg.

Et goufe rezent vill Diskussiounen iwwer de Modell vun enger méisproocheger Erzéiung zu Lëtzebuerg an dës Diskussiounen waren och den Ulass, d'LEARN-Newsletter zu dësem Thema ze maachen. Wann een sech dësem Thema zu Lëtzebuerg zouwennt, da fällt engem erëm eng Kéier ganz schnell op, dass Lëtzebuerg an enger ganz spezieller Situatioun ass, well am Géigesaz zu deene meeschte méisproochegen Länner, wou et regional ofhängeg eng kloer identifizéiert Éischtsprooch gëtt, déi dann och déi éischt Zilsprooch an Alphabetisatiounssprooch ass, huet Lëtzebuerg dräi national Sproochen, bei deene mer eis dann och schwéier dinn am Sënn vun der sproochlecher Erzéiung eng realistesch Gewichtung a Reiefolleg dran ze bréngen. Et ass verständlech, dass mer all eis dräi Sproochen an eise Léierenvirronnementer fréier oder spéider sollen a mussen adresséieren, mee wéi een dat mécht bei enger Populatioun, déi doheem ganz oft keng vun deenen dräi Zilsproochen schwätzt, dat ass eis grouss Erausforderung. Dobäi ass déi beschriwwen Situatioun hei am Land esou spezifesch, dass mer nëmme begrenzt auslännesch Fuerschungsresultater direkt op Lëtzebuerg kënnen applizéieren. Et ass dofir émsou méi wichtig, dass mir zesumme mat de Praktiker vum Terrain schonns an deenen non-formale Bildungsstrukturen virun der eigentlecher Aschoulung Fuerschungsprojeten implementéieren, déi eis eng Äntwert op déi Fro ginn, wéi een déi éischt Léierenvirronnementer esou gestalten kann, dass ee gläichzäiteg den Hannergrond vun de Kanner berücksichtegt an och eng méisproocheg an op d'Sproocheléieren ausgeriicht Fréierzéiung erméiglecht, déi de Kanner gerecht gëtt an si awer och net iwwerfuert. Grad hei ass et wichtig, dass mir eis vun Erkenntnisser aus de Kognitiounswissenschaften leede loosse, déi eis erklären, wéi Kanner an dësem jonken Alter léieren a wéi si sech entwéckelen. Wa mir dee Wee an deenen nächste Jore konsequent ginn, da wäerte mer eis am Endeffekt och net iwwert dee beschte Modell fir eng méisproocheg Fréierzéiung streide mussen, mee da wäerte mer et fäerdeg bréngen, dass déi verschidde Projekte vunenanner léiere kënnen, wat nees ganz am Sënn vun eiser LEARN-Initiativ ass. **RM**



Prof. Dr. Romain Martin


*Fuerscher/Professeur/Vice-Recteur un der Uni. De Romain beschäftegt sech mat kognitive Prozesser am schoulesche Kontext. Hien ënnersicht och wéi de soziodemographeschen Hannergrond an d'Funktionsweis vum Schoulsystem d'Léieren beaflossen. **RM***



Wat si kognitiv neurowissenschaftlech Fuerschungsmethoden?

Kognitiv neurowissenschaftlech Fuerschungsmethoden si Methoden, déi et erlaben ze verstoen, wéi d'Verhalen an d'Denkprozesser oflafen a wéi eist Gehir se steiert. Typescherweis ginn zum Beispill d'Vitesse an d'Feelerquote gemooss, wann eng Versuchsperson eng spezifesch Aufgab léist. Oft ginn och bildgebend Verfaren gebraucht, wéi d'Electroencephalographie (EEG) oder déi funktionell Magnéitresonanztomographie (fMRI). Eng aner Method, déi et scho ganz laang gëtt, besteet doraus, fir Patiente mat lokaliséierte Verletzungen vu bestëmmten Deeler vum Gehir ze ënnersichen, wann

se spezifesch Aufgabe léisen. Et gëtt zënter e puer Joer och Methoden, déi et erlaben, während enger kuerzer Zäit kleng Deeler vum Gehir ze inaktivéieren an dann ze ënnersichen, wéi d'Versuchspersonen an där Situatioun spezifesch Aufgabe léisen. All dës Methoden versichen ze verstoen, wéi eng Roll déi verschidden Deeler vum Gehir spille beim Verhalen an Denken. Lues a lues erlaben si eis en Iwwerbléck ze kréien iwwer d'Funktiounen vun alle Gehirdeeler an iwwer hiert Zesummespill. **CS**



Prof. Dr. Christine Schiltz

D'Christine Schiltz ass Professer bei ECCS. D'Christine erfuerscht an enseignéiert, wéi d'mënschlech Kognitioun sech entwéckelt. Si interesséiert sech besonnesch fir d'Fro, wéi d'Zuelebegreffer bei Kanner an Erwuessener entstinn a wéi d'Gehir dës Prozesser steiert. **CS**

„Eins, zwei, drei, Polizei“: vu Sprooch, Sproochen a Rechnen

Eins, zwei, drei, Polizei; vier, fünf, sechs, alte Hex“ ass ee Reim, deen oft an der Spillschoul benotzt gëtt, fir d'Kanner spilleresch un d'Zuelen erunzeféieren. Dass de Reim op Däitsch ass, empfanne mir Erwuessener oft net als schlëmm, respektiv net als esou wichteg fir de Léierprozess. Hei geet et den Elteren an Enseignanten oft éischter ëm de musikaleschen a spillereschen Aspekt vun deem Reim. A mir als Erwuessener hu jo och kee Problem, fir ze wëssen, dass „eins, zwei, drei“ dat nämmlecht bedeit wéi „eent, zwee, dräi“. Mee ass dat och fir déi concernéiert Spillschoulskanner esou? Mécht et fir e lëtzebuerger Kand näischt, wann et am Allgemengen doheem an an der Schoul Zuelen an Zielen op Lëtzebuergeresch léiert an dann awer esou kleng Zielreimen och op eng aner Sprooch präsentéiert kritt? Wat ass den Impakt vun dësem Sproochemix op de Kanner hiert Zuelen- a Mathéleieren? A wéi een Afloss huet d'Gebrauche vu ville Sproochen op d'Zuelen- a Mathéleiere vu Kanner, déi net Lëtzebuergeresch, mee soss eng oder esouguer e puer aner Sproochen doheem schwätzen? Déi kuerz an natierlech frustréierend Äntwert ass hei leider (nach): Mir wëssen et net! Et gëtt zwar verschidden éischt Indikatiounen aus der internationaler Fuerschung, dass verschidde Sproochesituatiounen d'Zueleléieren a -verstoe méi liicht oder méi schwéier maache kënnen. Zum Beispill wësse mer haut, dass Kanner, deenen hir Mammesprooch d'Kategorien

„eent“, „zwee“ an „méi“ auserneenhalen, an der Moyenne méi séier de Konzept vun „zwee“ verstinn ewéi Kanner, deenen hir Mammesprooch „zwee“ an „méi“ net explizit auserneenhält. Mä wat geschitt, wann e Kand méisproocheg ass, ass leider nach net gewosst. Dofir brauche mer – och besonnesch hei zu Lëtzebuerg – dringend méi Fuerschung zu dëse Froen. Mir hunn dofir op der Uni.lu och ugefaangen, ganz aktiv dës an äänlech Froen iwwer den Afloss vun der Méisproochegkeet op d'Zuelen- an d'Ma-

théleiere mat aktuelle kognitiv-neurowissenschaftleche Fuerschungsmethoden ze erfuerschen. Eist Zil ass et, fir an den nächste Jore vill besser ze verstoen, wéi d'Sprooch an d'Sproochen dat (pre)mathematescht Léiere beaflossen, fir dass mer op Grond vun dësen Erkenntnisser d'Léiersituatiounen an d'Programmer esou gutt wéi méiglech kënnen un de Kanner hir Méiglechkeeten a Schwiereregkeeten upassen. **CS**

Méisproochegkeet vun doheem a Méisproochegkeet duerch d'Schoul

De gréissten Deel vun de Mënsche wiißt méisproocheg op. Ganz generell kënnen mer tëscht zwou Formen vu Méisproochegkeet ënnerscheeden.

Déi natierlech oder simultan Méisproochegkeet bedeit, dass d'Kand vu Gebuert un doheem mat méi wéi enger Sprooch opwiisst. E Kand, dat zum Beispill doheem mat senger Mamm Lëtzebuergeresch a mat sengem Papp Italienesch schwätzt, léiert béid Sproochen gläichzäiteg a ganz natierlech vu klengem un. Dës Form vu Méisproochegkeet kann een och fréi Zweisproochegkeet nennen.

Déi sukzessiv Méisproochegkeet heescht, dass d'Kanner doheem mat enger Sprooch opwuessen an ausserhalb vun der Famill, zum Beispill duerch d'Schoul oder d'Crèche, eng zweet Sprooch respektiv méi aner Sproochen léieren. E Kand, dat zum Beispill doheem mat béiden Elteren Portugisesch schwätzt, am Cycle 1 Lëtzebuergeresch léiert, am Cycle 2 dann Däitsch an am Cycle 3 Franséisch léiert, léiert sukzessiv während der Grondschoul dräi nei Sproochen schwätzen, liesen a schreiwen. **CH**


Méisproocheg Kanner hu weder e Vir- nach en Nodeel beim Rechnen: Resultater aus Däitschland a Lëtzebuerg

Mécht Méisproochegkeet gescheit? Ass méisproocheg Opwuessen e gudden mentalen Training a wierkt et sech positiv op d'Léieren aus? Fuerscher si sech do net ëmmer eens. Wou déi eng e kognitive Virdeel bei méisproocheg Kanner a Leit fannen, fannen déi aner keen esou e méisproocheg Virdeel. Et ass also net kloer, ob sech monolingual a méisproocheg Leit/Kanner an Aufgaben, déi sougenannten Exekutivfunktione moossen, ënnerscheeden. Dës Exekutivfunktione ënnerstëtzen d'Léieren esouwéi d'logescht Denken. Si erméiglechen et, d'Opmierksamkeet ze steieren, Informatiounen ze verhalen, onwichtig Informatiounen auszublenden an tëscht Reegelen hin an hier ze switchen.

Mir hu gekuckt, ob méisproocheg Kanner aus dem Cycle 2.2, déi doheem mat méi wéi enger Sprooch opwuessen, besser an Aufgaben zu den Exekutivfunktione ofschneiden an ob dës kognitive Virdeel hir Recheleschtungen (Plus- a Minusrechnen) positiv beaflosst. D'Iddi hannendrun ass, dass d'Kapprechnen bei jonke Kanner staark vun Exekutivfunktione ënnerstëtzt gëtt. Virun allem wa se tëscht Rechnungen, Zuelen an Operatiounen hin an hier wiesselen, Zwëscherresultater verhalen, opfrä-

schen an erëm vergiesse sollen. Wa méisproocheg Kanner also besser Exekutivfunktione hätten, kéint et sinn, dass si och besser rechnen kéinten.

Am Ganzen hu 97 Kanner bei de verschidde- nen Aufgabe matgemaach (20 monolingual an 20 méisproocheg Kanner aus Lëtzebuerg souwéi 30 monolingual a 17 méisproocheg Kanner aus Däitschland). Lëtzebuerger Kanner si scho fréi mat ville Sproochen a Kontakt, dofir wollt mer e „puren“ monolinguale Grupp, den däitsche Grupp, als Verglach dobäihuelen. D'Gruppen hu sech an Alter, Beaarbechtungsvitesse, logeschem Denken a sozio-ökonomeschem Hannergrond net ënnerscheet. D'Rechnungen sinn op engem Blat visuell präsentéiert ginn an d'Kanner hu se schrëftlech geléist. Interessanterweis ënnersträichen all d'Resultater, dass déi monolingual an déi méisproocheg Kanner sech weder an den Exekutivfunktione nach an hire Recheleschtungen ënnerscheeden. D'Méisproochegkeet huet deemno weder e positiven nach e negativen Impakt op d'Rechnen. CH



Dr. Caroline Horning

D'Caroline Horning ass kognitiv Entwécklungspsychologin, Léierin a Fuerscherin bei LUCET. D'Caroline interesséiert sech fir d'Entwécklung vum Rechnen, Liesen a Schreiwe bei jonke Kanner an d'Faktoren, déi dës Léierprozesser beaflosse kënnen (z.B. Virleefertegkeeten, Exekutivfunktione, Sproochenhannergrond ...). CH



$$3 + 2$$

$$9 - 6$$

$$26 - 7 + 8$$

$$55 - 20$$

$$11 - 5 + 7$$

4

E kognitive Virdeel fir méisproocheg Kanner?

Aum Ufank vum 20. Joerhonnert ass gefaart ginn, dass d'Opwuesse mat méi wéi enger Sprooch negativ Konsequenzen hätt, respektiv esouguer mat geeschteger Behënnerung verbonne wier. Um Enn vum 20. Joerhonnert goufe Studie publizéiert, déi an déi entgéintgesate Richtung gaange sinn. Méisproocheg Kanner hätten deemno Virdeeler an den Exekutivfunktione, déi wichteg si fir d'Léieren. Mee och dës Resultater si rezent ëmmer erëm a Fro gestallt ginn. An enger Ëmfro vun der Europäescher Kommissioun hunn 98 % vun de Leit zu Lëtzebuerg uginn, op d'mannst zweesproocheg ze sinn. Wéi een Impakt huet dës Méisproochegkeet op d'Léieren? Dëser Fro si mir mat Hëllef vun Donnéeën aus den Épreuves Standardiséées aus dem 1. Schouljoer (C2.1) nogaangen. 2015 hu 5479 Kanner aus dem C2.1 deelgeholl. D'Tester hu lëtzebuergesch Héierverstoën, Mathematik a Virleeferkompetenze vum Liesen a Schreiwen evaluéiert. Mir hunn eis bei den Analysen op zwou Gruppe konzentréiert: Kanner, déi mat hiren Elteren nëmme Lëtzebuergesch schwätzen, a Kanner, déi mat hiren Eltere Lëtzebuergesch plus eng

weider Sprooch schwätzen. Déi zwou Gruppen ënnerscheeden sech signifikativ an allen dräi Kompetenzen. Kanner, déi doheem just Lëtzebuergesch schwätzen, schneide bei all den Tester besser of wéi déi, déi doheem nieft dem Lëtzebuergesch nach eng aner Sprooch schwätzen. Well mer d'Exekutivfunktione net geziilt gemooss hunn, kënnen mer net soen, ob déi méisproocheg Kanner hei eventuell besser ofgeschnidden hätt wéi hir monolingue Klassekameraden.

Mee esouguer wann dëst de Fall gewiescht wier, schéngt dat sech net op hir Schouleschtungen nidderschloen. Méisproochegkeet huet vill Virdeeler. Mir kënnen doduerch mat ville Leit souwuel hei am Land a soss an der Welt kommunizéieren. Dat verschaaft eis Avantage souwuel am private wéi och am professionelle Beräich. Allerdéngs weisen eis Resultater, dass méisproocheg Kanner net besser an de klassische Schoulskompetenzen ofschneide wéi Kanner, déi doheem just Lëtzebuergesch schwätzen. **DH**



*D'Danielle Hoffmann ass Neuropsychologin a Fuerscherin bei LUCET. D'Danielle interesséiert sech dofir, wéi d'Zuelerepresentatiounen sech entwéckelen a wéi Zuele verschafft ginn an engem multilinguale Kontext. **DH***

Exekutivfunktione

Ënner Exekutivfunktione versteet een déi kognitiv Prozesser, déi eis hëllefen, Problemer an Aufgaben ze léisen. Heirënner falen d'Dirigéiere vun der Opmierksamkeet op relevant Informatiounen, d'Inhibitoun vun onwichtigen Informatiounen, d'Wiesselen tëscht verschiddenen Informatiounen a während all deem d'Verhalen an d'Opfrëschung vun Informatiounen, déi grad wichteg sinn. Munch Leit schwätze vun enger „Kommandozenral“ am Kapp. Dës Funktiounen si ganz wichteg fir d'Léieren. **DH**

Wéi een Afloss huet d'Sprooch op d'Zieleléieren?

Awéi enger Sprooch een ziele léiert, ass kengeswees egal, och wann den Effekt vun der Sprooch op méi komplex geschriwwen Arithmetik spéider oft ganz kleng ass. Mee verschidde Sproocher hu Charakteristiken, déi et méi oder manner einfach maachen, zielen an och einfach Zuelemanipulationen ze léieren. E ganz besonnescht Beispill heifir ass d'Oksapmin-Sprooch, déi an Deeler vu Papua-Neuguinea geschwat gëtt. Hei kreéiert d'Sprooch en Zielplafong bei 27. Méi wäit kann een an där Sprooch net zielen a soumat ass et schwier, doriwwer eraus ze rechnen respektiv verschidde mathematesch Prinzipien ze vermëttelen wéi zum Beispill d'Onendlechkeet.

Aner Partikularitéite vun enger Sprooch, déi bei einfachen Zuelemanipulationen hëllefen, ass eng direkt Korrespondenz zu der geschriwwener Zuel. Hei ginn et Sproocher wéi zum Beispill d'Lëtzebuergesch an d'Däitsch, wou beim zweestellegen Zuele-

liesen eng Inversioun gemaach gëtt: Mir liesen d'Zuele quasi vun hannen no vir: 23 = dräianzwanzeg. Ganz duerchernee geet et da bei dräistelligen Zuele wéi zum Beispill 623 = sechshonnertdräianzwanzeg. Hei fänke mer vir un, sprängen da hannenhin an zum Schluss liese mer di mëttelst Zuel. An anere Sproocher wéi zum Beispill am Franséischen oder am Engleschen gëtt et dës Inversioun net, hei gëtt ëmmer vu lénks no riets gelies: 23 = „vingt-trois“ a 623 = „six cents vingt-trois“. Kanner, déi an enger Sprooch mat Inversioun zielen a rechnen léieren, maachen oft méi Feeler bei ganz einfachen Zuelemanipulationen wéi Kanner, déi dëst an enger Sprooch léieren ouni Inversioun.

Da gëtt et och nach de Prinzip vun der „power transparency“, do geet et ëm d'Transparenz vum Stellewäert. A verschiddene Sproocher ass de verbalen Zielsystem ganz reegelméisseg an transparent, dëst ass de Fall a villen asiateschen Sproocher an och

am Waliseschen (Welsh). 11 op Welsh ass „un deg un“ (een zéng een), 12 ass un deg dau (een zéng zwee), an 22 ass dau deg dau (zwee zéng(er) zwee). Walisesch Sechsjäregger kënnen méi fréi méi wäit ziele wéi hir englesch Schoulskollegen. Doriwwer eraus sinn si och besser dran, zweestelleg Zuele mateneen ze vergläichen an ze bestëmmen, wéi eng déi gréissten ass. Dës Resultater sinn och fonnt ginn tëscht Kanner mat enger asiatescher Mammesprooch a Kanner mat enger europäescher Mammesprooch. An der Reegel schneiden d'asiatesch Kanner besser of. Allerdéngs besteet bei dësem Vergleich d'Schwieregkeet, dass dës Gruppen sech och kulturell vuneneen ënnerscheeden, wat an der Studie tëscht den engleschen a waliseschen Kanner net de Fall war.

Bei Leit, déi méi wéi eng Sprooch schwätzen, ass gewise ginn, dass si net nëmme d'Effekter vun hirer Mammesprooch weisen, mee dass och hir zweet Sprooch en Afloss drop huet, wéi si Zuele verschaffen. **DH**

Sproochevillfalt bei Kanner mat Migratiounshannergrond - Chance oder Hindernis?

Entgéint den Erkenntnesser aus der Fuerschung gëtt d'Sproochevillfalt bei Kanner vu sproochleche Minoritéiten allgemeng éischter als e Problem ugesinn, wéi dass erkannt gëtt, wéi eng Chancen a Kompetenzen domat verbonne sinn. Kanner a Jugendlecher vu sproochleche Minoritéite sinn am Bildungssystem oft benodelegt a Méisproochegkeet gëtt am Kontext vun der Migratioun oft als ongëschteg Ausgangslag betruecht.

Den aktuelle Stand vun der Fuerschung schwätzt awer dogéint, dass Méisproochegkeet bei Kanner vu sproochleche Minoritéiten d'Ursaach fir de schouleschen Echec ass. An enger Fuerschungsetude zum Beispill, an där

mir zu Lëtzebuerg 40 méisproocheg Kanner aus Awandererfamilljen, déi Portugisesch schwätzen, mat gläichaltrege monolinguale Kanner verglach hunn, konnte mir kloer weisen, dass Kanner vu sproochleche Minoritéiten aus akommeschwaache Familljen déi wichteg kognitiv Virdeeler vun der Méisproochegkeet am Beräich vun den exekutive Funktiounen notze konnten. Dëse kognitive Virdeel schéngt awer bei dëse Kanner net esou ze wierke wéi en eigentlech kéint, well an der Etude bei de Kanner mat Migratiounshannergrond oft schoulesche Mësserfolleg festgestallt gouf. Allgemeng gëtt déi éischt Sprooch vun dëse Kanner éischter als Ballast wéi als Ressource fir de schouleschen Erfolg gesinn. **PEA**



Ass. Prof. Pascale Engel de Abreu

*D'Pascale Engel de Abreu ass Fuerscherin a Professeur Associée bei ECCS. D'Pascale intresséiert sech fir d'Entwécklung vun der Sprooch, d'Ursaachen an d'Diagnos vu spezifesch Sproochentwécklungsstéierungen an Dyslexie souwéi d'Roll vun den Exekutivfunctiounen/dem Aarbechtsgedächtnes beim Léieren. **PEA***

Translanguaging oder Codeswitching?

Codeswitching ass e Virgang, wou eng Persoun bannent enger Äusserung (engem Wuert, engem Satz) vun enger Sprooch an eng aner wiesselt. Beispiller wiere „Wolkão“ oder „I like to drénke Mëllec“. De Spriecher passt dobäi op d'Grammatik vun den zwou Sproochen op, sou dass Sproochemëschrung net op e Mangel vu Kompetenz hiweist. Sproochemëschrung bei méisproocheg Kanner si vëlleg normal.

Fuerscher hu Codeswitching ënner verschidde Perspektiven analyséiert:

- enger grammatescher: den Objet ass d'Sprooch. Et gëtt ënnersicht, wéini ee vun enger Sprooch an déi aner wiesselt kann opgrond vum Opbau vun de Sproochen.


- enger psycholinguistescher: si fokusséiert sech op Prozesser, déi am Gehir vum Spriecher oflafen, wann dësen tëscht de Sproochen wiesselt.

- enger soziolinguistescher: si bezitt sech och op de Spriecher, mee ënnersicht d'Ëmstänn

oder d'Ziler, déi mam Sproochewissel gekoppelt sinn. Leit mëschen zum Beispill Sproochen, fir ze weisen, dass si e Member vun enger bestëmmter Grupp sinn.

Translanguaging ass eng kommunikativ Praxis, wou Persounen hire gesamte sproochlechen an net-sproochleche Repertoire asetzen. Dofir ginn et och Fuerscher am Feld vun Translanguaging, déi ënnersichen, wéi Leit mat Gebärdesprooch kommunizéieren oder wéi Leit Sprooch zesumme mat Zeechen oder Gestik am Hip-Hop oder am Sport asetzen. Oft gëtt Translanguaging an edukative Kontexter ënnersicht, wou déi sproochlech, identitär a sozial Funktioun eng wichteg Roll spillen. Translanguaging ass verbonne mat enger bestëmmter Ideologie vun Engagement a schafft hin op d'Transformatioun vun der Persoun, Institutiounen oder der Gesellschaft. Dofir ass Translanguaging e Pilier vun enger inklusiver multilingualer Pädagogik.

CK PEA



Ass. Prof. Claudine Kirsch

*D'Claudine Kirsch ass Fuerscherin a Professeur Associée bei ECCS. D'Claudine fuerscht an enseignéiert an der Sproochendidaktik a Méisproochegkeet. Si ënnersicht, wéi Kanner verschidde Sproochen entwéckelen a wéi Enseignanten, Erzéier an Eltere si ënnerstëtze kënnen. **CK***

Wat ass pädagogesch Fuerschung?

Pädagogesch Fuerschung wéi de Projet MuLiPEC ënnersicht op eng systematesch Manéier, wéi Fachkräfter pädagogesch handeln, hir Praxis plangen a Léieren evaluéieren a wéi Kanner léiere respektiv sech entwéckelen. Si kann op quantitativ Methoden zeréckgräifen, wéi e Questionnaire, fir Meenunge vun enger grousser Zilgrupp anzehuelen, benotzt awer oft qualitativ Methoden ewéi Beobachtung an Interview. Dëst erlaabt hinnen, reegelméisseg an iwwer länger Zäit an engem Setting ze sinn an doduerch e méi villschichtegt Verständnis vu komplexe pädagogesche Prozesser opzebauen. **CK**



MOLLY

MOLLY

MOLLY

MOLLY



Éischt Sprooch als Ressource stäerken

An der Fuerschung iwwer d'Méisproochegkeet besteet en allgemenge Konsens doriwwer, dass déi éischt Sprooch eng wichteg Basis fir d'Léiere vu weidere Sproochen ass an dofir kontinuierlech ënnerstëtzt a gefërdert sollt ginn. Fir d'Entwécklung vun enger positiver Méisproochegkeet ze erméiglechen, ass et sënnvoll, d'Kanner och schonn an de Crèche

an hirer éischter Sprooch ze fërderen. Leider ginn et momentan nëmme wéineg Fërderprogrammer fir déi éischt Sprooch vu Kanner mat Migratiounshannergrond, déi wëssenschaftlech iwwerpréift goufen. An engem Fuerschungsprojet mat Kanner aus Awandererfamilljen zu Lëtzebuerg, déi Portugisesch schwätzen, gouf esou e wëssenschaftlech fundéierten Interventiounsprogramm an der éischter Sprooch Portugisesch fir Kanner entwéckelt.

Den Interventiounsprogramm MOLLY (Mother-tongue Oral Language and Literacy for Young) leeft iwwer 30 Wochen an der Spillschoul a fërdert haaptsächlech d'Entwécklung vum Vocabulaire, vun den erzielerschen a phonologesche Fäegkeeten a vun

der Capacitéit fir nozelauschtere souwéi vum Sproochverständnis an der éischter Sprooch. De Programm gëtt op eng strukturéiert Manéier véier Mol an der Woch a Gruppphase vun 20 bis 30 Minutte mat 3 bis 4 Kanner vu Mammesproochler duerghefuert. D'Wierksamkeet an d'Effizienz vun dësem Programm fir d'Sproochfërderung gëtt duerch e randomiséierte kontrolléierte Studiendesign iwwerpréift: 93 Kanner huelen um MOLLY-Programm deel (Experimentalgrupp) an 93 Kanner un engem aktive Kontrollprogramm, an deem d'rechneresch Fäegkeete gefërdert ginn (Kontrollgrupp). Éischt Resultater deiten dorop hin, dass déi éischt Sprooch vun de Kanner mam Interventiounsprogramm MOLLY erfollegräich gefërdert konnt ginn. Mir wäerten an Zukunft weider ënnersichen, op d'Sproochfërderung an der éischter Sprooch Portugisesch dozou féiert, dass d'Kanner besser Sproochkompetenzen an de Schoulsproochen Lëtzebuergesch an Däitsch kréien. **PEA**



MOLLY

MOLLY

Opbauen op méisproocheg Ressourcë beim Sproocheléieren



Fréier huet ee gemengt, dass Sproochen getrennt an eisem Kapp funktionnéieren an dass Sproocheléieren am beschte funktionnéiert, wann een d'Sproochen trennt. Dat géif Interferenze verhënneren an d'Kanner géifen net duerchenanerbruecht ginn. Op dëser Virstellung baséiert déi streng Trennung vu Sproochen an zweesproocheg Schoulen oder och d'Strategie „one-person-one-language“, déi vill Eltere mengen uwenden ze missen, fir dass hiert Kand zweesproocheg gëtt. Vill Leit hu gefaart, eng Sprooch kéint d'Entwécklung vun där anerer behënneren. Dank der neurolinguistescher Fuerschung wësse mir haut, dass Sproochen sech an engem Repertoire am Gehir befannen an dass si permanent aktivéiert sinn. Dat erlaabt méisproocheg Persounen, schnell vun enger Sprooch an déi aner ze wiesselen. Dësen „Translanguaging“, den dynamesche Wiessel vun enger Sprooch an déi aner, ass eng normal Praxis. De Begrëff „Translanguaging“ beschreift, wéi eng Persoun flexibel a strategesch op hire gesamte sproochlechen an net-sproochleche Repertoire zeréckgräift, fir ze kommunizéieren, Wëssen ze konstruieren, ze léieren an hir Identitéit auszudrécken.

Wéi versti Fachkräfte Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg?

An eisem Fuerschungsprojet „Developing Multilingual Pedagogies in Early Childhood“ (MuLiPEC), finanziert vum FNR a vum MENJE, kucke mir, mat wéi enge Methoden Enseignanten an Erzéier Kanner hëllef kënnen, Lëtzebuergesch ze léieren, sech mat Däitsch a Franséisch duerch Geschichten a Reimer ze familiariséieren a gläichzäiteg hir Familljesproochen ze mobiliséieren.

Dës Fachkräfte schaffen am Précocé, dem Cycle 1, Crèche a Maison-relais (MRE). Am Kader vum Projet hu mir zwou Weiterbildunge mat 46 Enseignanten an Erzéier duerchgefouert a si gefrot, e Questionnaire vir an no der Weiterbildung auszufüllen. D'Resultater virun der Weiterbildung weisen, dass 66 % vun de Fachkräften der Meenung sinn, dass Translanguaging kee Problem vu mangelnder Kompetenz ass. Weiderhin denken 72 %, dass de Gebrauch vun anere Sproochen wéi Lëtzebuergesch d'Entwécklung vum Lëtzebuergesch net behënneren. Dat heescht och, dass si net fäerten, dass d'Kanner manner oder méi schlecht Lëtzebuergesch léieren, wa si mat de Kanner oder d'Kanner ënnertenaner och emol aner Sprooch wéi



Lëtzebuergesch schwätzen. Et sinn och 70 % der Meenung, dass d'Kanner an hire Familljesprooch solle kommunizéieren kënnen a 84 % ginn un, dass Kanner all Dag hir Familljesproochen nieft dem Lëtzebuergesch an der Schoul, der Crèche oder an der MRE benotzen. Translanguaging ass also normal. Et erméiglecht de Kanner, Ressourcen a verschidde Sproochen ze mobiliséieren, un Aktivitéiten deelzehuelen an e Member vum Grupp ze sinn. Et erlaabt de Fachkräften ze erkennen, wat d'Kanner kënnen. Vun de Fachkräften erklären 77 %, dass si net ausschliisslech Lëtzebuergesch benotzen. Si wiesselen d'Sprooch, z. B. fir all Kanner matanzebezéien oder sécherzegoen, dass d'Kanner si verstinn. De Froebou weist also, dass vill Fachkräften eng dynamesch Perspektiv op Sproocheléieren hunn, et normal fannen, wa Kanner Sprooch wisselen, a selwer Translanguaging strategesch asetzen.

D'Diskussiounen an de Weiterbildungen hu bestätegt, dass d'Kanner an d'Fachkräften hir Sprooch flexibel asetzen. Dëst hu mir och an eise Beobachtungen a véier Institutiounen gesinn, déi mir am Schouljoer 2016/17 besicht hunn. All dräi Wochen hu mir eng Crèche, eng MRE, e Précocé an eng Spillschoul besicht, fir déi pädagogesch Praxis vun e puer Fachkräften an déi sproochlech Interaktiounen vun de Kanner ze dokumentéieren. All sechs Wochen hu mir eis mat de Fachkräften getraff, fir mat hinnen zesummen hir Praxis ze analyséieren an ze reflektéieren. Ee vun eisen Ziler ass d'Publikatioun vu Videoe mat Praxisbeispiller aus der fréikandlecher méisproocheger Bildung. CK





Sproochdominanz

Méisproocheg Kanner weisen oft ënnerschiddlech Kompetenzen an hire verschiddene Sproochen op. Déi meeschte Kanner hunn eng Sprooch, déi méi staark ass, déi sougenannt dominant Sprooch. Normalerweis ass dat d'Sprooch, déi si méi oft héieren an an där si am meeschte schwätzen. D'méisproocheg Sproochentwécklung hänkt vum Kontext of, an deem d'Kand seng Sprooch benotzt, a ka sech am Laf vun der Zäit verännern. D'Méisproochegkeet ass deemno e liewenslaangen dynamesche Prozess. [PEA](#)



Liesen ass net gläich Liesverstoen

Liesen a Liesverstoen sinn ënnerschiddlech Prozesser. Am Ufank, wann d’Kanner liese léieren, brauch d’Aarbechtsgediechtnis enorm Ressourcë fir de Prozess vum Rekodéieren an huet weéneeg Ressourcë fir d’Liesverstoen fräi. Wat dëse Prozess sech iwwert d’Ëbë méi automatiséiert, wat d’Kanner lues a lues méi Wieder séier kënnen erkennen, a sou sinn an hirem Aarbechtsgediechtnis méi Ressourcë fräi fir de komplexe Prozess vum Liesverstoen ze mobiliséieren (cf. Figur 1). Den Ufank vum Lieseléieren ass extrem ustrengend fir d’Kanner,

well si net nëmmen d’Rekodéiere léieren, mee och nach hiert Verstoe vun der Sprooch, déi si bis dohinner nëmmen héieren a geschwat hunn, mat der geschriwwener Sprooch musse verbannen (cf. Figur 2). Kanner, déi eng Sprooch gutt verstinn a schwätzen, hu Virdeeler, dës Sprooch liesen ze léieren, well se de Lien mat der Bedeitung vun dëse Wieder kënnen maachen. Dat heescht d’Héierverstoen huet en direkten Afloss op d’Liesverstoen. **SU**




Dr. Sonja Ugen

D’Sonja Ugen ass kognitiv Entwécklungspsychologin a Fuerscherin bei LUCET. D’Sonja intresséiert sech fir d’Entwécklung an d’Léiere vum Liesen a Schreiwwe iwwer och fir den Afloss vu Sprooch op d’Veraarbecht vu Mathé an engem multilinguale Kontext. Si fokusséiert sech op spezifesch Léierprozesser a klengen experimentelle Studien, mee kuckt sech och d’Gesamtbild un duerch groussflächeg Studien. **SU**



Figur 1: Verdeelung vun de Ressourcen am Aarbechtsgediechtnis fir d’Liesen an d’Liesverstoen



Figur 2: Entwécklung vum Lieseléieren

A wann ee méi Sprooch léiert?


Kanner, déi fir d’éischt op Däitsch an dono op Franséisch liese léieren, hu kee Problem, fir de Prinzip vum Rekodéieren (Liesen), dee si op Däitsch geléiert hunn, am Franséischen unzewenden. Dësen Transfer ass besonnesch einfach, well d’Rekodéieren sech am Däitschen opgrond vum der transparenter Schrëftsprooch (Korrespondenzen zwëschen Lauter a Buchstave si méi direkt) méi séier léiert wéi am Franséischen (Laut-Buchstave-Korrespondenzen si manner konsistent). Allerdéngs kënnen déi méi komplex Prozesser net einfach vum der fir d’éischt geléierter Schrëftsprooch an di zweet iwwerdroe ginn, well dës Kenntniss vum der Sprooch voraussetzen. Kanner müssen also déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir d’Sprooch ze léieren an esou d’Liesverstoen opzebauen.

Kanner, déi doheem aner Sprooch schwätzen (z. B. Franséisch, Portugisesch ...) wéi d’Sprooch, an där si liese léieren (Däitsch), verstinn de Basisprozess vum phonologesche Rekodéiere vergläichbar séier ewéi Kanner, déi dës oder eng ännelech Sprooch doheem schwätzen. Beim komplexe Prozess vum Liesverstoen allerdéngs kënnen si net oder manner op hir Kenntniss aus dem Héierversto vum

der Sprooch zeréckgräifen. Dës Kanner müssen also gläichzäiteg Héier- a Liesversto léieren an opbauen. D’Versto vum der Hauptunterrichtssprooch ass doriwwer eraus wichteg an anere Fächer (z. B. Mathematik, Naturwëssenschaften ...). D’Resultater aus dem nationale Schoulmonitoring weisen (cf. Figur 3), datt d’Schülerleeschtungen no zwee Joer Beschoulung an der fir d’éischt geléierter Schrëftsprooch (Däitsch) staark beaflosst si vum der Sprooch, déi doheem geschwat gëtt. Sou schneide Schüler, déi doheem Lëtzebuegesch schwätzen, besser of am däitschen Héier- a Liesverstoen ewéi Schüler, déi doheem Franséisch, Portugisesch oder eng südslawesch Sprooch schwätzen.

Wat kascht méi Ressourcen: Liesen oder Liesverstoen?

Am Ufank kascht d’Lies méi Ressourcen, a wann dës automatiséiert ass, da si méi Ressourcë fräi fir dat komplext Liesverstoen. Allerdéngs hänkt dat staark dovunner of, ob een eng Schrëftsprooch probéiert ze verstoen, déi ee scho kennt oder net. Muss ee gläichzäiteg nach eng zousätzlech Sprooch léieren, da kascht dat extrem Ressourcen (cf. Figur 4). **SU**



Figur 3: Moyenne vun de Kompetenzwerter am Cycle 3.1 no Sproochhannergrond am nationale Schoulmonitoring



Figur 4: Verdeelung vun de Ressourcen am Aarbechtsgediechtnis fir d’Liesen an d’Liesverstoen wann ee méi Sprooch léiert

Fayol (2016). L’acquisition de l’écrit. Pour comprendre et rédiger. Présentation dans le cadre de la priorité de recherche en éducation à l’Université du Luxembourg le 28 septembre 2016.

Bilt déi geschriwwe Sprooch déi geschwate Sprooch of?


Vill Erwuessener mengen, dass d'Schrëft déi geschwate Sprooch zimlech genee ofbilt. Fir verschidde Wieder stëmmt dat och, wéi zum Beispill Mama, Papa, Boma. Och bei engem Wuert wéi „Dësch“ kann een en direkten Zesummenhang tëschent Lauter a Buschtawegruppe novollzéien, wa mir déi schrëftlech Eenheeten <D+ë+sch> de geschwatene Eenheeten /d+ə+ʃ/ zouuerdnen. Bei deene meeschte Wieder ass dat awer net esou einfach. Op där enger Säit hunn zwar all Alphabetschrëften e Bezuch zu der lautlecher Ebene vun der Sprooch. Si droen awer och Informatiounen a sech, déi net op déi geschwate Sprooch verweisen, déi een also net héiere kann. Dozou gehéieren d'Tëscheraim tëschent de Wieder, déi keen esou ausschwätze géif (probéiert emol, alles Wuert fir Wuert auszeschwätzen). Och d'Buschtawe sinn Eenheeten, déi een net tel quel an der geschwatener Sprooch erëmfënnt. D'Aussprooch vun D+ë+sch huet also näischt méi mat Dësch ze dinn (probéiert et emol!).

A verschiddene Schrëftsystemer ass de Bezuch zu der Lautung méi ausgeprägt, an anere manner. Am **Däitsche** gi 40 Lauter mat ongeféier 85 Buschtawe(gruppen) verschrëftlecht (grouss a kleng Buschtawen inklusiv). Am **Franséische** gëtt et allerdéngs fir 35 Phonemen ongeféier 130 Graphemer. Am Franséische gëtt et also vill méi méiglech Korrespondenzen tëschent Lauter a Buschtawen ewéi am Däitschen. Am Franséischen ass dëst virun allem am Schreiwen eng grouss Schwierigkeet: applizéiert een d'Phonem-Graphem-Regelen, schreift ee just 20% vun de Graphië richtig.

Dass Schreiwelérieure méi bedeit, wéi just geschwate Sprooch schrëftlech erëmginn, dat weist d'Manier, wéi d'Schüler schreiwen. Déi gréisste Schwierigkeete vu Schüler/innen um Enn vun der Grondschoul leien a Beräicher, déi iwwerhaapt kee Bezuch zu der geschwatener Sprooch opweisen. Dofir ënnersicht de Projet „Morphosyn“ (Natalia Bilici, Sonja Ugen a Constanze Weth), wéi Schüler aus dem fënnefte Schouljoer am Däitschen Nome groussschreiwen an am Franséischen d'Mehrzahl markéieren. Beispiller fir d'Groussschreiwe sinn *ein großer Tisch; die Luft; ich esse Kuchen; das helle Grün*. Beispiller fir d'Markéiere vun der Mehrzahl am Franséische sinn *les tables, les grands chiens noirs aiment jouer dans le jardin*. Weder d'Groussschreiwen nach d'Markéiere vun der Mehrzahl kann een „héieren“.



Dee wou d'Sprooch schreift, muss dofir e gudden Deel grammatésch Wësse matbréngen, fir d'Markéierung richtig schreiwen ze kënnen. **CW SU**



Ass. Prof. Constanze Weth

D'Constanze Weth ass Fuerscherin an Professeur Associée bei ECCS. Si intresséiert sech fir d'Sproochendidaktik an fuerscht am Beräich Léieren vum Schreiwen an multilinguale Kontexter, z.B. vu Schreifpratiken an der Schoul an d'Schreiwen vu Sproochstrukturen. **CW**

Liese bezeechent de Basisprozess, duerch dee geschriwwe Sprooch a geschwate Sprooch verwandelt gëtt. Fir en neit Wuert ze liesen, muss ee Buchstawen(gruppen) erkennen, déi richtig Lauter dozou ofruffen an dës matenee verbannen. Dëst gëtt och phonologesch Rekodéiere genannt (Beispill: ‚Maulef‘: /m/-/æ:/ /-l/-/ə/-/f/ → /mæ:ɔ ləf/). **SU**

Liesverstoen ass e komplexe Prozess, wou een den Zesummenhang zwëschen dem Wuert/Saz (z. B. Maulef/De Maulef leeft ënnert dem Buedem.) a senger Bedeitung mécht. De Wuertschatz vun engem Lieser spillt hei eng wichteg Roll. Doriwwer eraus mécht e kompetente Lieser awer och Verbindunge mat Virwëssen, wat d'Liese vum weideren Text ka vereinfachen, well e sech verschidde Wieder kann erwaarden (z. B. De Maulef ësst Wierm.), e setzt den Text an e Kontext (z. B. Thema „Bëschdéieren“) an notzt säi Verständnis vun der Struktur vum Saz (z. B. fir ze verstoen, datt de Maulef Wierm ësst an net d'Wierm de Maulef). **SU**



Eis Kommunikatioun hänkt vun der jeeweileger Situatioun of. Firwat ass dat esou?

De Choix vun enger Sprooch an hirer bestëmmter Varietéit hänkt ëmmer mat der sozialer Situatioun zesummen, an där kommunizéiert gëtt. Mir schwätzen a schreiwen ënnerschiddlech, jee nodeem, u wie mir eis adresséieren an ob dës Persoun an der Kommunikatiounssituatioun präsent ass. Schwätze mir mat enger vertrauter Frëndin oder mat enke Familljemembere? Mat enger Persoun, déi mir net kënne, mat där mir awer zesummen an engem Kader interagéieren, deen eis vertraut ass, zum Beispill beim Akafen um Maart? Adresséiere mir eis un e Publikum, dat eis a priori komplett onbekannt ass?

Mëndlech an engem vertrauten Ëmfeld ze kommunizéiere léiere Kanner praktesch vum selwen. Sech an enger formeller Situatioun auszudeckelen ass dogéint vill méi schwéier a muss spezifesch geléiert ginn. Dat läit doran, dass e Spriecher an engem vertrauten Ëmfeld a mat engem Gesprächspartner interagéiert. Vill Informatiounen loosse sech aus dem Kontext erschléissen oder kënne direkt nogefrot ginn. Eng Äusserung an engem spezifesch Kontext ass deemno och da verständlech, wa si net all d'Informatiounen explizit versproochlecht. Fir formell Situatiounen, wéi zum Beispill e Virtrag halen oder en Aufsatz schreiwen, gëllt dat net. Si sinn un iergendeng Persoun geriicht. Hei ass et net méiglech, fir d'Verständnis vum Text op de Kontext oder e gemeinsam Virwëssen zeréckzegraifen. Dofir muss den Text esou strukturéiert sinn, dass en ënnert alle méigleche Receptiounsbedéngungen interpretéierbar ass. Dat bedeit virun allem, en explizite Choix vun de Wieder an e ganz héije Grad u grammatikalescher Explicitéit. D'Struktur vun esou Texter ass enk mat der Acquisitioun vun der Schrëftsprooch verbonden, eng vun deene wichtegsten Aufgaben vun der Schoul. Dat folgend Beispill soll d'Ënnerscheeder tëschent der sproochlecher Kommunikatioun an engem vertrauten informellen an engem eischter formelle Kader veranschaulichen.

D'Heike Wiese an hir MataarbechterInnen (Freywald et al., 2010) hunn eng Unterreechtseenheet fir HauptschülerInnen zu Berlin konzipéiert an duerchgefouert. Déi Jugendlech spillen dobäi en Szenario duerch, an deem si dee selwechte Sachverhalt an dräi Situatiounen versproochleche sollen. Am éischten Szenario haten d'SchülerInnen eng Kinoskaart gewonnen a sollte mat enger Frëndin e Rendez-vous ausmaachen, fir an de Kino ze goen. Si konnten dofir eng E-Mail oder SMS schreiwen an d'Sprooch(en) fräi auswielen. Duerch gouf opgedeckt, dass et sech ëm gefälschte Kinoskaarte gehandelt huet. Déi Jugendlech hunn dofir missen e Rapport fir d'Deklaratioun bei der Police schreiwen an duerstellen, wat geschitt ass. Am drëtten Szenario sollte si eng E-Mail schreiwen, an där si der Frëndin erzielt hunn, wat hinne passéiert war. Déi dräi Texter hu sech op dee selwechte Sachverhalt, nämlech de Kinosowend, bezunn. Si waren awer a verschiddene Kommunikatiounssituatiounen situéiert an hunn dofir och eng aner Versproochlechung gebraucht. Dës war de Jugendlechen duerchaus bewosst. Dat weist d'Beispill vun enger Schülerin, déi am Rapport fir d'Police komplex Sazstrukture produzéiert

huet: „Am Moritzplatz wurden Kinotickets von einem alten Mann kostenlos verschenkt. Er gab mir 4 Kinotickets einfach so, daraufhin habe ich mir dabei nichts gedacht und gleich 3 [unleserlich] Freundinnen informiert und bat sie mitzukommen. [...]“ (ebd., S. 18). An der E-Mail, déi d'Schülerin duerno un hir Frëndin geschriwwen huet, huet si nieft informellem Vocabulaire an Ausdréck, déi op d'Spriechersituatioun verweisen, och méi einfach Sazstrukture benotzt oder Sätz ofgebrach. Si enthalen net onbedéngt Feeler, mä si charakteristesche fir déi informell geschwate Sprooch a fir dës E-Mail komplett passend: „guck mal ich hab letztes bei uns moritzplatz 4 karten bekommen fürs kino bekommen ya oke der mann sah zwar aus wie ein penner aber wer sagt dazu denn nicht ja egaaaa [...]“ (ebd. S. 19).

Déi Beispiller weisen, dass Sprooch näischt ass, wat per se als richtig oder falsch, gutt oder schlecht, elaboréiert oder basal ka bewäert ginn. Déi sproochlech Formen, déi an enger geschwate Kommunikatioun oder an engem geschriwwenen Text benotzt ginn, sinn ëmmer appropriéiert par rapport zu enger bestëmmter Kommunikatiounssituatioun a par rapport dozou, wéi verständlech en Text vu sech aus fir e Lieser muss sinn. 

Freywald, Ulrike, Mayr, Katharina, Schalowski, Sören, & Wiese, Heike (2010). *Linguistic Fieldnotes II: Information structure in different variants of written German*. Potsdam: Universitätsverlag.



Sproochen am Secondaire: Wéi gutt beherrsche SchülerInnen a Schüler Däitsch a Franséisch?


Wéi gutt beherrsche Jugendlecher zu Lëtzebuerg verschidde Sproochen? Ier heizou eppes gesot ka ginn, ass et wichteg ervirzehiewen, datt et net ëmmer einfach ass, den Niveau vun enger Sproochbeherrschung festzustellen a mat deem vun enger aner Sprooch ze vergläichen. All Sprooch huet hir Spezifizitéit, hir besonnesch Erausforderungen an Nuancen. Dozou kënnt, datt eng Evaluatioun vun der Sproochkompetenz an all hire Facetten en immensen Opwand bedeit an en direkte Verglach vun de Sproochkompetenzen a verschiddene Sproochen viraussetzt, datt e gemeinsame Beschriewungskader, wéi zum Beispill den Europäesche Referenzkader fir Sproochen (CECR), erugezu gëtt. Aus ë. a. dës Grënn leien den Ament nach net vill Studien zu

Lëtzebuerg vir, déi géifen iwwert de Sproochprofil – dat heescht de Sproochniveau bei SchülerInnen a Schüler a verschiddene Sproochen – an a verschiddene Beräicher vun dëse Sproochen – renseignéieren. Opgrond vun de sougenannten Épreuves Standardisées (ÉpStan; cf. LEARN Newsletter 05), déi all Joer op den 9^{en} a 5^{en} duerchgefouert ginn, kann een allerdings zumindest fir de Beräich „Liese vun däitschen a franséischen Texter“ Aussoen treffen. Als vergläichbare Beschriewungskader fir Franséisch an Däitsch kann een hei déi véier Niveaue erunzéien, déi am Dokument „Bildungsstandards Sprachen“ vum Éducationnsmistère beschriwwen sinn. D'ÉpStan-Resultater weisen dorop hin, datt ëmmerhin zwee Drëttel vun de Schüler an enger vun den zwou Sproochen staark sinn am 

Den Europäesche Referenzkader fir Sproochen (CECR): méi wéi e Patchwork?

dealerweis sinn d'Beschreibungscritère par rapport zu de Sproochkompetenze vu verschiddene Persounen a par rapport zu verschiddene Sproochen (bis zu engem bestëmmte Grad) matenee vergläichbar. Besonnesch an engem multilinguale Kontext ass et och interessant ze gesinn, wéi de Sproochprofil vun eenzele Persounen ausgesäit. Aus ë. a. dës Grënn vun der Vergläichbarkeet gouf den Europäesche Referenzkader fir d'Sprooch vum Europarat entwéckelt. Dës Kader proposéiert 6 Niveauen, ugefaange beim Basis-Niveau A1, op deem ee mat einfache Wieder a Sätz an alldiegleche Situatiounen kommunikativ kann eens ginn, iwwert d'Niveauen A2, B1, B2 an C1 bis zum Niveau C2, op deem een ouni Effort Sënnnuancë vu komplexen Themaen an Texter kann erfassen oder usprochsvoll Bréiwer, Rapporten an Artikelen ka verfaassen.

Dës Kader stellt also eng exzellent Méiglechkeet duer, d'Niveauen a verschiddene Sproochen ze beschreiwen a matenee vergläichbar ze maachen – dat heescht fir plurilingual Profiler duerstellen. An obwuel dës Referenzkader fir de Friemsproochberäich entwéckelt gouf, dierf ee fir de Lëtzebuerger Kontext net aus den Ae verléieren, datt fir déi meescht Schüler a Schülerinnen zu Lëtzebuerg op d'mannst eng vun den offiziellen Landessproochen eng Friemsprooch duerstelt. Virun allem awer presentéiert de Referenzkader dee grouse Virdeel, datt een iwwert déi Propositionen vun CECR-Beschreibungen kann erausgoen, a fir e spezifesch Kontext kann upassen – an dat mécht en och fir Lëtzebuerg (souwuel fir de Schoulsystem wéi och de berufleche Milieu, an, net ze vergiessen, den Iwwergang Schoul-Beruff) extrem attraktiv. MR



Dr. Monique Reichert

D'Monique Reichert ass Fuerscherin/Sproochtestexpertin bei LUCET. D'Monique beschäftegt sech haaptsächlech mat der Entwécklung an Analys vu Sproochtester an huet an enger Rei vun europäesche Projeten zur Evaluatioun vu Sproochkompetenze Sproochbeschreibungscritère mat ausgeschafft. MR

	Français	Deutsch	Lëtzeb.	English	Português
Compréhension de l'écrit / Leseverstehen / Liesverstoen	C1	C1	C1	B1	B2
Expression écrite / Schriftlicher Ausdruck / Schrëftlechen Ausdrock	B1	B2	B1	A1	B1
Compréhension orale / Hörverstehen / Héierverstoen	C1	C2	C1	B1	C1
Expression orale/Sprechen/Schwätzen	B2	C1	B2	A2	B2

Europäesche Referenzkader fir Sproochen (CECR)

S p r o o c h e n

► Liesen – dem Referenzdokument no kuerz literaresch Texter a Sachtexter kënne liesen a verstoen, an domadder den Niveau 2 erreechen (cf. Grafik 1 an 2: Hei ginn d'Resultater am Franséischen an am Däitsche vergläichend fir d'ÉpStan aus de Joren 2011, 2012 an 2013 duergestallt). Wann een allerdings – ëmmer just fir d'Liesen – en-

nersicht, wéi vill Schüler a Schülerinne gutt däitsch a franséisch Texter kënne liesen, da sinn et der nëmme nach ronn 30 %. Dës ass relativ alarméierend, vuer datt déi zwou Sproochen am Secondaire als Unterrechtsprooch fungéieren. Leider bleift awer aus den uewe genannte Grënn (respektiv engem Mangel u gréissere Studien) onge-

kläert, wéi sech dës Schwierigkeeten och an deenen anere Sproochberäicher (wéi am Schwätzen, Schreiwen oder Héierverstoen) manifestéieren, an och, wéi d'Kompetenzen am Franséischen an am Däitschen a Relation stinn zu de Sproochkompetenzen am Lëtzebuergeschen oder am Engleschen. MR



Grafik 1 an 2: Verdeelung vun de Schülerinnen a Schüler op déi 4 Kompetenzniveauen (lénks: Däitsch, riets: Franséisch)



Bei der multimodaler Kreatioun als pädagogesch Strategie geet et drëms, bei den Apprenantë sou vill Ressourcë wéi méiglech ze mobiliséieren, fir dass si an hirem Léierprozess weiderkommen.


D'multimodal Kreatioun léisst dem Experimentéiere vill Raum, an ënnerscheet sech domat vum Léieren am traditionelle Kllassesall. Multimodal Kreatioun, déi d'Form vun engem Film oder enger digitaler Geschicht unhuele kann - erlaabt den Apprenanten, hire ganze sproochleche Repertoire, hir Liewenserfahrung a ganz ënnerschiddlech Ausdröcksmëttel anzesetzen an encouragéiert si esou, eng Stëmm ze artikuléieren, déi si am Kader vun der schoulescher Educatioun oft nëmme schwéier ausdrécke kënnen.

GB

Firwat soll ee mat alle Sënner léieren an dobäi méi wéi eng Sprooch benotzen?

Mir wëssen, dass all Kand seng speziell Fäegkeeten a Begabungen huet. Multimodaalt Léiere respektéiert dës Ënnerscheeder a profitéiert vun hinnen. De Mathésunterricht zum Beispill ka sech u verschiddene pädagogeschen Traditiounen inspiréieren fir spezifesch Aufgaben unzegoen. Beim Geopiano z. B. kënnen d'Kanner mat geometresche Formen experimentéieren, andeems si net nëmme liesen, schreiwen a molen, wéi de Schoulprogramm dat virgesäit, mä dës Formen och mat Hëllef vun hiren Hänn a Gummisréng bauen.


D'Méiglechkeet, op eng multimodal Manéier ze léieren, deet all Kand gutt - speziell deenen, déi eng aner Sprooch schwätzen, wéi déi, déi de Schoulprogramm virgesäit. Multimodaalt Léiere profitéiert dovun, dass Wëssen ouni sproochlech Barrièren opgebaut gëtt – d'Kanner kënnen also op hiert existent Wëssen zeréckgräifen, ouni doduerch behënnert ze ginn, dass si d'Zilsprooch net genuch beherrschen, an deemno an hirem Apprentissage weiderkommen an zäitgläich nei Inhalter an eng oder méi nei Sprooch léieren. **GB**



Ass. Prof. Gabriele Budach

*Fuerscherin/Professeur bei ECCS. D'Gabriele enseigneiert an fuerscht am Beräich vun der multi-lingualer Bildung. Si interesséiert sech fir déi multimodal Pädagogik a verschidden Aart a Weisen (verbal, visuell an nei Technologie) déi Kanner hëllefen sech auszudrécken. **GB***

Hei gëtt den Geopiano an engem zweesproochegen däitsch-italieneschen Educationsprogramm zu Frankfurt agesat.



Et ka mam Buschtaf 'f' geschafft ginn, ouni dass d'Kand d'Wuert 'Fisch' op Däitsch kennt. D'Kand dierf den Numm vun deem Objet, deen et beim Molen entdeckt, an där Sprooch schreiwen, déi et kennt – an dësem Fall Italienesch – a gläichzäitig erënnert et sech drun, dass dat däitscht Wuert mat engem 'f' ufänkt – eng wichteg Etapp beim Léiere vun deem däitsche Wuert.

Multimodaalt Léiere geet vun der Iddi aus, dass bei all Apprentissage d'Kreatioun vu Sënn un éischter Stell steet. Dës Kreatioun kann aus ville Ressourcen entstoen, déi, jee no Apprenant a Léiersituatioun, op d'Sprooch oder op aner Sënner, wéi d'Vue, den Taascht- oder Geruchssënn, zeréckgräifen.

All Modus gëtt dobäi no senger ganz eegener Regele benotzt. Verschiddener hänge vun der Kultur of, déi den Apprenant ëmgeet, anerer si charakteristesche fir de jeeweilige Modus, awer si ënnerscheede sech all vuneneen - sou hunn d'Musek an den Tanz zum Beispill hiren eegene Code an hir eegen „Sprooch“. **GB**

Wéi kann ee multimodaalt a multilinguaalt Léiere bei der Kreatioun vun digitale Geschichten asetzen?

Digital Geschichten si kuerz Filmer vun 2 bis 4 Minutten, déi Apprenanten zu ganz ënnerschiddleche Sujeten kreéieren. D'multimodal Kreatioun eegent sech als innovativ Raum fir ze léieren, well ënnerschiddlech Modussen, e puer *Sproochen* (als Voix off geschwat an/oder als Ënnertittelle geschriwwen), *Biller* (fix oder gefilmt) an *Toun* (Musek oder Geräisch-Collagen) mat abezu kënne ginn. D'multimodal Kreatioun encouragéiert d'Apprenanten, e Choix ze treffen, iwwer dëse Choix (vu Sproochen, Biller oder Musek) nozedenken an eng Kompositioun ze entwéckelen, déi, jee no hirem Alter an hire Besoinen, eng Geschicht verzielt an de Message ëremgëtt, deen si ausdrécke wëllen. Dës Demarche ass ganz ofwieslungsräich a besonnesch motivant fir d'Apprenanten.

Dës Approche fërdert och d'Entwécklung vu verschiddenen Zorte vu Kompetenzen:

■ Sprooch léieren: *d'Unterrechtssprooch* sinn an der Schoul eng grouss Erausforderung fir Kanner, déi nei an d'Land geplënnert sinn; *d'Friemsproochen*, déi duerch de Schoulprogramm agefouert ginn, oder *d'Sprooch*, déi an der Famill geschwat gëtt, fir Kanner mat Migratiounshannergrond, déi d'Sprooch vun hiren Elteren a Grousseltere bäibehale wëllen.

■ D'multimodal Kreatioun hëlleft, d'Selbstvertrauen ze stäerken, aktiv d'Wuert ze ergräifen an e Message ze formuléieren, dee mat engem reelle Publikum gedeelt gëtt.

■ Si ënnerstëtzt d'Entwécklung vu multimediale Kompetenzen, den Ëmgang mat Logicielle fir d'Réimaterial vu Filmprojeten ze produzéieren an ze editéieren, d'kompetent Recherche um Internet.

■ D'digital Kreatioun kann e Gefill vun Zougehéieregkeet zu enger Communautéit vun „Erzieler vun digitale Geschichten“ schaffen, dee Moment wou d'Geschichten iwwer déi schonn existent Reseau mat anere gedeelt ginn. Dës Demarche, déi vun Enseignanten a Formateure begleet gëtt, huet vill Potenzial fir bei de Geschichtenerzieler Verantwortlechtsgefill, Empathie an eng aktiv a kritesch Citoyennetéit ze entwéckelen. **GB**



Kanner an der Grondschoul „Am Sand“ (Niederanven), déi am Kader vum Projet „Critical Connections II“ (ënner der Leedung vum Goldsmiths College, Universitéit vu London) un engem Film schaffen. Hire Film gouf am Juni 2016 um Festival vum British Film Institute gewisen. Mëi Informatiounen op: <https://goldsmithsmdst.wordpress.com/>

Efficaciteit vu bilinguale Programmer an Europa

An den USA hu Fuerscher Etuden iwwer d'Efficaciteit vu bilinguale Programmer fir d'schoulesch Reussite vun Immigrantekanner zesummegehoen. Si hunn d'Resultater vun dësen Etudë quantitativ resuméiert a sinn zu der Conclusioun komm, dass zweesproocheg Programmer, bei deenen Immigrantekanner souwuel an hirer Mammesprooch wéi och an der Unterrechtssprooch ënnerriicht goufen, méi efficace fir hir schoulesch Reussite ware wéi Programmer, déi sech nëmmen op d'Unterrechtssprooch baséiert hunn. Sou haten zum Beispill spuenesch Kanner, déi op Spuenesch an Englesch ënnerriicht goufen, besser Schoulresultater wéi hir spuenesch Kolleegen, déi nëmmen op Englesch ënnerriicht goufen. Inspiréiert duerch dës Etuden hunn ech decidéiert, déi selwecht Recherche an Europa duerchzuféieren, well dat bis

ewell nach ni gemaach gouf. Ech hunn 101 Etuden zesummegehoen an d'Resultater vun Immigrantekanner a bilinguale Programmer am Liesen an an der Mathé ënnersicht. Nëmme siwen europäesch Etudë konnten e puer statistesch Resultater opweisen an déi hu gewisen, dass Kanner, déi am Kader vu bilinguale Programmer an hirer Mammesprooch an an der Unterrechtssprooch ënnerriicht goufen, ronn 20% besser Resultater hate wéi hir Schouלקomeroden, déi nëmmen an enger Sprooch ënnerriicht goufen. Och wa se nëmmen op enger gerénger Zuel vun Etudë baséiert, ënnerstëtzt meng Etude d'Conclusioun, dass och an Europa bilingual Programmer efficace fir d'schoulesch Reussite vun Immigrantekanner sinn. **GA**

Danze mat Sprooch a Kultur a gemëschte Bezéiungen

Léift ass Liewenskraaft. Wat geschitt, wann d'Partner verschidde Sproocher schwätzen an aus ënnerschiddleche Kulture stamen? Wéi eng Sprooch schwätze si ënnereneen? Wéi léise si Konflikter? Wat maache si, wa si sech net verstinn? Wéi weise si sech hir Léift? Wéi zéie si hir Kanner grouss? Wéi definéiere si selwer Kultur? Ech sinn aus zwou verschiddenen Ursaachen un dësem héich interdisziplinären Thema interesséiert. Eischens ass op deem Gebitt nach net vill Fuerschungsaarbecht geleescht ginn an zweetens sinn ech selwer an enger gemëschter Famill opgewuess an danzen och an engem gemëschte Bestietnis. Ech

hunn am Fréijoer 2016 ugefaangen, Koppelen zu New York City ze interviewen a setzen dëse Prozess elo zu Lëtzebuerg an Ëmgéigend fort. Bis elo hunn ech Koppelen aus den USA, Japan, Australien, der Belsch, der Ukraine, Néiséiland a Frankräich interviewt. D'Resultater wäerte méi e kloert Bild doriwwer erginn, wéi gemëschte Koppelen hir Kultur a Sprooch am dagdeegleche Liewe geschosselt kréien an och méi Informatiounen an de Beräich vun der Familljetherapie bréngen. Kultur a Sprooch a gemëschte Bezéiungen: Challenge oder Chance? **GA**



Dr. Gabrijela Aleksic

*D'Gabrijela Aleksic huet en Of Schloss an der Pädagogie vun der University of Novi Sad, Serbien, an huet hire Master a PhD-Diplom op der Uni Lëtzebuerg kritt. Si interesséiert sech mat Begeescherung fir Freierzéiung, Multilinguismus, eintim Bezéiungen, kulturell Psychologie an Danzen. „Ech fannen d'Recherche opreegend, well ech un Entdeckungen an d'Matdeele vun Erfarunge gleewen.“ **GA***

Eischt Schrëtt am Enseignantsberuff: wann d'Sprooch sech améscht...

Zu Lëtzebuerg ass den Enseignant, deen nei am Beruff ass, mat enger grousser Herausforderung konfrontéiert: hie muss an dräi Sproocher funktionnéieren an dat mat Schüler, deenen hire sproochleche Repertoire net onbedéngt d'Unterrechtssproocher ëmfaasst. Dës Situatioun ka fir d'Entwécklung vu senger Professionalitéit e Problem sinn: wéi kann ee seng Aarbecht gutt maachen, d.h. en exigente Programm suivéieren an der Schoul erlaben, e sozialen Hiewel ze sinn, grad ewéi eng Plaz vu Respekt an Inclusioun, wann een an engem Kontext ass, wou d'Klasse vu grousser Heterogenitéit geprägt sinn? 2014 hunn ech e Fuerschungsprojet ugefaangen, deem säin Zil dora bestoung, d'Praktike vun den Enseignantsufänger an engem plurilinguale Kontext mat enger sou genannter „Ativitéitsklinik“ ze kartografiéieren. Fir dës Demarche hunn zukünfteg fräiwelleg Enseignanten sech bereiterkläert, sech beim Schaffe mat hire Kanner filmen ze loossen. Mir identifizéieren duerno zesumme Situatiounen, an deenen de Professionalismus (en Ideal, dat den Enseignant ustriert fir mat senger Aarbecht zefridden ze sinn) a Fro gestallt ass. Mir kucken eis d'Filmer un, analyséieren d'Situatioun a sichen Usätz fir d'Problemer, déi mir begéint hunn, ze léisen.

Och wann all Fall anescht ass, sinn déi jonk Enseignanten oft mat beruffstypesche Problemer konfrontéiert. Wéi kann een zum Beispill eng stimulant Unterrechtsstonn am Franséische gestalten fir Schüler, deenen hir Mammesprooch Franséisch ass (mä déi et vläicht net schreiwé kënnen) a fir anerer, déi dës Sprooch fir d'éischt héieren? Dat ass a puncto Differenziatioun eng ganz komplex Aufgab. Well et nach weëneg Fuerschung iwwer d'Aarbecht vun Enseignantsufänger an engem plurilinguale Kontext gëtt, probéieren ech, selbstverständlech zesumme mat menge Kolleegen, Pisten an Instrumenter auszuschaffen, déi hinnen dobäi hëllefen, d'Heterogenitéit an der Klass lieweg ze gestalten an d'Stëmmen an d'Erfarunge vun hire Schüler ze valoriséieren. **ISG**



Ass. Prof. Ingrid de Saint-Georges

*D'Ingrid de Saint-Georges ass Soziolinguistin an Assistant-professeur an Erziehungswissenschaften op der Uni Lëtzebuerg. Hir Fuerschung befaasst sech mat Aarbecht, Multilinguismus, Erziehung, Mobilitéit a Berufsausbildung. **ISG***



D'Aarbechtsethnografie

De Fuerscher verbréngt mat deenen implizéierte Persounen Zäit um Terrain, fir hir Situatioun, hir Dilemmaen oder hir kritesch Froe besser ze verstoen. Duerch d'Beobachten, d'Notten, eventuell d'Filmer an d'Analysé kann no an no e Bild vun der Situatioun erstallt ginn, dat da schrëftlech festgehalen gëtt an als Diskussiounsbasis mat den Acteuren selwer oder mat méi engem breede Publikum benotzt gëtt. Et gëtt oft gesot, dass d'Resultater e „Spigeleffekt“ hunn - wa si e Portrait vun hirer Situatioun gesinn, deen eng ausstehend Persoun gemaach huet, entdecken d'Participanten hir Aktivitéit op eng nei Manéier. Op der Basis vun dësem Bild kënnen si oft hir Praktiken oder Analyse bestätegen, hir Choixen an anere Wieder argumentéieren, sech nei Handlungsweeër ausdenken oder och nach d'Komplexitéit vun hirer Aarbecht dokumentéieren fir méi Unerkennung ze kréien. Esou agesat gëtt d'Ethnografie en Instrument, fir sech berufflech weiderzuentwéckelen. **ISG**

Stëmmen aus der Schoulpraxis: Méisproochegkeet am Précoce

■ Generell Informatiounen

Zënter sechs Joer schaffe mir zesummen als Equipe an enger Klass. D'Fabienne Unsen, Enseignante, als Klassentitulaire an d'Isabel Rodrigues als Educatrice zu Lëntgen um „Schoulcampus Lëmbaach“ am Cycle 1, Précoce.

Zu Lëntgen funktionéiert de Précoce vollzäit, dat heescht, et besti keng Plagen, sou dass d'Kanner de Précoce zum selwechten Horaire besiche wéi d'Kanner vum Cycle 1.1 & 1.2.

■ Wéi vill Sproochen ginn an ärer Klass gebraucht?

Et kann ee soen, datt dëst Schouljoer véier Sproochen dominéieren: Lëtzebuergesch, Portugisesch, Italienesch a Franséisch. Allerdings sinn nach aner Sproochen am Klasseraum ze héieren: Englesch, Bosnesch an Däitsch. Vill Kanner benotzen an der verbalen Kommunikatioun hir Mammesprooch, och wann dee vis-à-vis déi Sprooch net versteet. Dëst ass op den Entwécklungsalter vun de Kanner zréckzeféieren.

■ Wéi vill Kanner hutt der an der Klass, déi méisproocheg opwuessen?

Bezunn op Sproochen, déi doheem geschwat ginn, hu mir dëst Schouljoer 8 vun 18 Kanner, déi méisproocheg opwuessen. 7 Kanner wuesse bilingue op an 1 Kand trilingue.

■ Wéi gitt dir mat de Kanner ëm, déi guer keng vun de Landessprooch kennen?

Mir schaffe ganz vill mat Ritualer a versichen, den Dagesoflaf strukturell gesinn esou gutt wéi méiglech all Dag d'selwecht ze gestalten. Sou dass e Kand, dat keng Landessprooch kennt, sech sou schnell wéi méiglech an der Organisatioun vum Dag zu-recht-fënnt.

Mir notzen Alldags- a Mikrosituatiounen, fir d'Lëtzebuergesch ze fërderen, andeems mir ëmmer erëm déiselwecht kleng Sätz benotzen. Zum Beispill: „Wie wëll iessen?“ oder „Mir ginn d'Hänn wäschen!“

Wann et eis méiglech ass, zécke mir net, fir an eng Sprooch ze iwwersetzen, déi d'Kand versteet. Mir hunn d'Chance, dass mir selwer och op Englesch, Portugisesch an Italienesch mat de Kanner schwätze kënnen.

Bicher si bei eis och e wichtege Medium, fir d'Verständnis ze verbesseren. Mir erziele ganz einfach Geschichten, an deenen ëmmer erëm déi nämmelecht kleng Sätz virkommen. Mat Schiet- oder Spillfiguren, déi an der Geschicht virkommen, gëtt de Kanner erméiglecht, sproochlech ze experimentéieren an sech ongezwongen un déi lëtzebuergesch Sprooch erunzetaaschten.

D'Dokumentatioun vun eisen Aktivitéiten, déi virun allem aus Fotoe besteet, bitt de Kanner souwuel d'Méiglechkeet, fir sech ënnerenee verbal auszetauschen, och wann dat just mol e puer Wieder sinn, wéi och d'Geleeënheet, fir déi Aktiounen mat den Elteren an hirer Sprooch ze thematiséieren.

Sou benotze mir och de Portfolio vun de Kanner als Kommunikatiounsstimuli an och kleng Fotobicher als Uschloss u verschidden Aktivitéiten respektiv Projeten. Zousätzlech gi Fotoen an der Schoul ausgestellt, déi d'Aktivitéiten vun de Kanner verbildlechen an déi mir a verschidde Sproocher beschrëften.

IR FU



Isabel Rodrigues & Fabienne Unsen

S
c
h
o
u
l
p
r
a
x
i
s





science.lu

EXPÉRIENCES À REFAIRE À LA MAISON



A découvrir
sur science.lu

ECCS ass eng Fuerschungsuniteit a LUCET ass e Fuerschungszentrum op der Universiteit Lëtzebuerg. Si hu leider nach kee Service fir eng Prise en Charge vu Léierschwiereregkeete kënnen unzebidden. Wann Dir am Kader vun enger Léierschwiereregkeet no Hëllef sicht, kontaktéiert w.e.g. ee vun de Servicer, déi um Terrain schaffen an eng Prise en Charge ubidden. Esou Servicer fannt Dir op eisem Site learn.uni.lu. D'Lëscht ass à titre indicatif ze huelen an net exhaustiv. Wann Dir Äre Service wëllt virstellen, interesséiert sidd mat eis ze schaffen, oder weider Froen hutt, kënn Dir lech gäre bei eis mellen.

LEARN huet e neien Site: learn.uni.lu

Do fannt Dir eis Aktivitéiten, sou
ewéi och dës Newsletter, an/oder déi
vun de leschte Joer.

Mir soen dem Fonds National de la Recherche an der Universiteit Lëtzebuerg Merci, dass si ons Fuerschung finanziell ënnerstëtzen. Merci un all déi invitéiert Auteure déi matgeschriwwen hunn. Merci och un de Will Koch fir de neie Site an seng Biller.

IMPRESSUM

Titel LEARN Newsletter

Ënnertitel Editioun 2017: Méisproochegkeet

Editeur LEARN

LEARN Danielle Hoffmann, Caroline Hornung, Romain Martin, Christine Schiltz, Anne-Marie Schuller, Sonja Ugen

Layout Sons Design, Bonn

Biller LEARN, invitéiert Auteure, Sons, Will Koch

ISSN 2535-8901

ECCS | EDUCATION,
CULTURE, COGNITION
AND SOCIETY

LUCET | LUXEMBOURG CENTRE
FOR EDUCATIONAL TESTING

RPE | RESEARCH PRIORITY EDUCATION
FOCUSING ON MULTILINGUALISM
AND DIVERSITY



learning expertise
and research network